

Aktivismus FÜR JUGENDLECHER



WEI GEET DAT?

AMNESTY
INTERNATIONAL



Jonk Amnesty Aktivistgruppen
...wat ass dat? **4**

Grënn engem jonken Amnesty-
Grupp bäizetrieden **6**

Lancéier dech a schaf däi
jonke Grupp **8**

Wat sinn d'Mënscherechter a
wat ass Amnesty International? **12**

Gëff aktiv a beweeg eppes **14**

Nach Froen iwwer Amnesty
International? **16**



LET'S GET STARTED!



JONK AMNESTY AKTIVISTGRUPPEN ...WAT ASS DAT?

ENG CHANCE FIR JONKER ENGER WELTWÄITER BEWEEGUNG BÄIZETRIEDEN DÉI D'MËNSCHERECHTER VERDEEDEGT,

Mir hunn alleguertere schonn eng Kéier Saache gesinn déi Leit geschitt sinn, wou mer eis gesot hunn: «Dat do ass net richtig!». Mir hunn och schonn héieren datt Leit hir Rechter an déi vun anere verdeedeegt hunn – Mahatma Gandhi, Martin Luther King, Nelson Mandela, Aung San Suu Kyi, Malala Yousafzai...Also firwat och net du?

Nëmmen, well s de jonk bass, well dat net heeschen datt s du näischt maache kanns fir d'Welt ze verbesseren. Bon, vläicht muss du e bësse méi haart jäize fir gehéiert ze ginn an d'Leit schenken der am Ufank vläicht och keng Opmierksamkeet. Mee wa genuch Jonker ufänke vu wichtige Saachen ze schwätzen, wäerten d'Leit nolauschteren an op iech opmierksam ginn.

DENG STËMM WÄERT GEHÉIERT GINN

E jonken Amnesty-Grupp ass eng Plaz déi s du mat denge Kollege schaafs fir méi iwwer Mënscherechter ze léieren an **AKTIV** ze ginn iwwer Problematiken déi domat verbonne sinn an déi fir **DECH** wichtig sinn. Ënnerschrëfte fir Petitioune sammelen, dech engagéieren oder eng Sensibiliséierungskampagne ënnerstëtzen déi mat Mënscherechter verbonnen ass an dech an deng Kollege betreffen.

Sief dat Mobbing an der Schoul oder eng aner Saach déi fir dech am Widdersproch mat de Mënscherechter stinn - ob an denger Schoul, an dengem Land oder soss iergendwou - en Amnesty-Grupp ass wat s de brauchst.

DISKUTÉIER, LÉIER, VERDEEDEG A GËFF AKTIV



AMNESTY-GRUPPE
GI JONKEN ENG CHANCE
EPPES IWWER DAT RICHTEGT
LIEWEN ZE LÉIEREN AN IWWER
PROBLEMER ZE SCHWÄTZEN
DÉI MAT MËNSCHERECHTER
ZE DINN HUNN

Jonk Amnesty-Gruppen erlaben dir et och d'Verantwortung ze erkennen déi s du durch deng Rechter hues.

Och w mir eis dozou entscheeden dëst op eng **KREATIV**

a **FLOTT** Manéier ze maachen, heescht dat net dat mir dofir manner seriö sinn. Well, wa mer éierlech sinn ... D'Welt veränneren ass kee Kichelchen!

Déi gutt Noriicht ass datt dat wat s de léiers net onbedéngt nëmmen an dengem Grupp bleiwe muss. Du kanns dat alles un deng Frënn, deng Klassekomeroden, deng Elteren a souguer un deng Gemeinschaft weiderginn. **WAT S DE MAT MËI LEIT SCHWÄTZ, WAT S DE OCH MËI LEIT FIR MËNSCHERECHTER SENSIBILISÉIERS**

Dat wichtigst ass... Du deng éischt Schrëtt méchs fir en Ënnerscheid an der Welt ze maachen.



10 GRËNN

FIRWAT EN AMNESTY-GRUPP GUTT FIR DECH ASS!

DU FËNN'S DATT:

- Ongerechtegheet, Diskriminatioun an Ongläichheet inakzeptabel sinn.
- Den Alter keen Hindernis ass fir Saachen ze riichten - Jonker sinn och Bierger!
- Deng Gedanken an deng Meenung iwwee Mënscherechter sollte gehéiert ginn.
- De Schutz vun dengen an de Rechter vun denger Kollege wichteg ass, an en Deel vun dengem Alldag misste sinn.
- All Mënsch verantwortlech ass fir de Schutz vun de Rechter vun allen.

DU WËLLS:

- Dech **ASETZE** fir d'Ongerechtegheeten déi s de gesäis
- **AKTIV** gi fir eng Verännerung an denger Ëmwelt ze schafen.
- Anerer **MOTIVÉIEREN** sech ëm d'Mënscherechter ze suergen.
- **ZESUMMEWIERKE** mat anere Leit déi sech mat Mënscherechter beschäftegen.
- E Reseau **INITIÉIERE** vu Jonken uechter Lëtzebuerg, déi interesséiert wiere d'Mënscherechter ze schützen a weiderzebréngen.



MIR FANNEN DAT JONKER VOLLER
KREATIVITÉIT SINN



MIR VERÉIEREN ÄREN ENTHUSIASMUS
GO TEAM!



5 GRËNN

FIRWAT MIR DENKEN
DAT S DU ENGEM
AMNESTY-GRUPP
BÄITRIEDE
SOLLS



MIR WËLLEN DATT JONKER WÉI
S DU D'WICHTEGKEET VUN DE
MËNSCHERECHTER VERSTINN

MIR GLEEWEN DRUN, DATT DIR ALS ZUKÜNFTEGEN
ERWUESSENEN, DE SCHLËSSEL SIDD FIR ENG
FAVORABEL WELT FIR MËNSCHERECHTER ZE SCHAFFEN.



MIR FANNEN DATT DIR GROUSST POTENTIAL HUTT
FIR D'MËNSCHERECHTER AM SCHOULESCHE BERÄICH
WEIDERZEBRÉNGEN.



LANCÉIER DECH A SCHAF E JONKE GRUPP!

A

HAL EIS UM LAFENDEN

Wéi s de dir sécher virstelle kanns, mussen mir iwwert alles informéiert si wat am Numm vun Amnesty gemaach gëtt. Grad dofir ass et wichteg dat s de eis un d'Grënnung an un d'Aktivitéite vun dengem Grupp deelhuele léiss. Esou kënnen mir dir Informatiounen a Rotschléi ginn, an all Fro beäntweren déi s de iwwer Campagné vun Amnesty hues.

De Responsabel vum jonken Aktivismus verfollegt d'Aktivitéite vum Grupp an huet d'Aufgab Amnesty International Lëtzebuerg (AIL) doriwwer um Lafenden ze halen. Schéck eis eng E-mail op jugend@amnesty.lu fir unzefänken. Am Kader vun eise Méiglechkeete kënnen mir dir Material fir deng Aktiounen zur Verfügung stellen.

B

DÉI NÉIDEG AUTORISATIOUNE KRÉIEN

Mir motivéieren dech net wierklech Reegelen ze iwwerschreiden, versécher dech also datt s de déi néideg Autorisatiounen hues. Dat wat normalerweis am beschte klappt, ass eng Demande fir deng Aktivitéit bei der Direktioun eranzeginn, sief dëst an der Schoul, am Jugendhaus, am Scoutsgrupp asw. ... Losos der och vun engem -r Enseignant -e oder Educateur -trice hëllef, deen eng Bezugspersoun wäert sinn an domat beoptraagt ass d'Aktivitéite vum Grupp ze iwwerwaachen. Esou kann dës Persoun och mat der Direktioun schwätzen, wann dat néideg ass.


D'Proffen wëllen eis vläicht kontaktéieren ier si iech d'Erlabnis ginn e Grupp ze grënnen. Frot si eis eng E-mail un den jugend@amnesty.lu ze schécken.

C

ORGANISÉIER DÄI JONKE GRUPP

Fir d'éischt muss een aner Jonker fannen, déi interesséiert sinn dengem Amnesty-Grupp bäitzetrieden. Du kanns entweder eng Annonce an denger Schoul oder dengem Jugendhaus maachen, oder du probéiers ganz einfach deng Kollegen oder aner Jonker, déi interesséiert kéinte sinn, ze motivéieren. Duerno musst dir iech d'Aufgaben ënnerteneen opdeelen a Versammlungen organiséieren fir iwwert d'Aktivitéiten ze schwätzen déi dir organiséiere wëllt. Esou kënn dir zum Beispill d'Direktioun ëm d'Erlabnis froen iech e Sall oder soss eng roueg Plaz fir är Versammlung zur Verfügung ze stellen.

Halt eis ëmmer um Lafenden iwwert déi Aktivitéiten déi dir iech erausgesicht hutt a wat dir dofir braucht. Dat einfachst ass et Sozial Netzwerker ze benotzen fir e Raum ze schafen deen et all Member, de Proffen an AIL erlaabt är Diskussiounen an Aktivitéiten ze verfollegen.



DEN/D'COORDINATOR -TRICE

- koordinéiert all Aktivitéiten vum Grupp
- ass reegelméisseg a Kontakt mat AIL
- ass verantwortlech fir de Kontakt mat der Direktioun, fir z.B. d'Autorisatiounen unzefroen

DEN/D'CO-COORDINATOR -TRICE:

- hëlleft un der Koordinatioun vum Grupp
- notéiert all d'Donnéen an d'Aktivitéite vum Grupp

KOMMUNIKATIOUN & MEDIEN:

- ass zoustänneg fir d'Reklamm vum Grupp
- mécht Fotoe vun den Aktiounen fir se duerno z. B. an de Sozial Netzwerkerze ze deelen

MATERIAL & LOGISTIK:

- ass zoustänneg fir d'Material vum Amnesty
- bewäert dat néidegt Material fir d'Aktiounen

PROJETEN & AKTIONE MAT AMNESTY



MIR WËLLEN DECH NACH MÉI MAT ABEZÉIEN

Ofgesi vun den Aktivitéiten déi s de wäerts an dengem jonke Grupp organiséieren, proposéieren mir dir och Zesummenaarbecht mat Amnesty Lëtzebuerg bei Aktivitéiten déi mir zesummen mat Jugendlecher wëllen organiséieren. Hei e puer Beispiller...

D'AUTORITÉITEN OPRUFFEN

Eng Delegation vum jonke Schülergrupp vum Lycée Technique du Centre (LTC) **gouf vum Premier Xavier Bettel empfaangen fir him offiziell Bréiwer ze iwwerreechen déi vun 230 Schüler aus 11 verschiddene Lycéeën ënnerschriwwen goufen.** Déi Bréiwer waren un d'Staatscheff vum de Memberstaaten vun de Vereenten Natiounen gericht, fir si ze froen hir international Obligatiounen vis-à-vis vu Sexual- a Reproduktiounsrechter anzehalen.



DE GROUSSE PUBLIC MOBILISÉIEREN

D'Lycéeschüler vum Schülergrupp vum Lycée Classique Diekirch a vum LTC hunn um internationalen Dag vun de Meedercher Ënnerschrëfte fir d'Rechter vu Fraen a Meedercher am Burkina Faso gesammelt. Bei där Geleeënheet, hu mir d'Expo **«Meedercher verdeedegen d'Mënscherechter»** virgestallt. Si huet aus Portraite bestanen, vu Meedercher aus eise Schülergruppen an deenen si de Respekt vun de Sexual- a Reproduktiounsrechter fuerderen.



DENG STËMM HEIERE LOOSSEN

Am Laf vun eiser Pressekonferenz fir de Start vum järeleche Rapport iwwer d'Doudesstrof, huet, **d'Coordinatrice vum Amnesty-Grupp vun der Europaschoul iwwert d'Engagement vun hirem Grupp fir d'Ofschatte vun der Doudesstrof geschwat.** Duerno huet si ëm 200 Ënnerschrëften iwwerrecht fir eis Petitioun géint d'Doudesstrof vu Mannerjärege am Iran déi hire Grupp an hir Schoul gesammelt huet.



EVENEMENTER MAT EIS ORGANISÉIEREN

Zum Beispill hu mir d'Evenement «Youth & Refugees World Café» organiséiert, dat als Zil hat en Raum ze schafen, wou jonk Flüchtlingen a Jonker aus Lëtzebuerg sech kenneléiere konnten. **Um Programm: e Quiz, eng Degustatioun vu lëtzebuergesche Schneekegkeeten an Dabka (en traditionelle syreschen Danz).** Vun där enger wéi och där anerer Säit, hunn de Participanten déi Renconter, d'Equippespieler an d'Diskussiounen gutt gefall. Eng gelongen Erfahrung, déi ee widderhuele sollt!



IECH IWWERRASCHE LOOSSEN

Fir de Jonke vum LTC Merci ze soen fir hiren Asaz zu Gonschte vun de Persounen vun eiser Campagne «Stop Torture» wollte mir hinnen eng grouss Iwwerraschung bereeden. De Grupp hat Ënnerschrëfte gesammelt fir Mënschen aus verschiddene Länner ze retten, déi am Prisong waren an do gefoltert gi sinn, wéi zum Beispill d'Mexikanerin Claudia Medina. Wéi si bis erëm op fräiem Fouss war, **hu mir de Besuch vum Claudia organiséiert a Si ass an de Lycée komm ass fir de Membere vum Grupp fir hieren Asaz Merci ze soen.**



MËNSCHERECHTER...WAT ASS DAT SCHO MÉI?!

‘D’MËNSCHERECHTER SI FUNDAMENTAL RECHTER DÉI JIDDERENGEM ZOUSTINN, DODUERCH DAT SI MËNSCHE SINN,

D’UNIVERSAL DEKLARATIOUN VUN DE MËNSCHERECHTER ass dat am wäitsten unerkannten Dokument iwwer Mënscherechter. Den 10. Dezember 1948 gouf se vun de Generalversammlung vun den Vereenten Natiounen ugeholl. De Länner déi d’Universal-Deklaratioun ënnerschriwwen hunn, sinn ugehale sech un hir Prinzipien ze halen an dës Rechter fir all hir Bierger ze garantéieren. D’Universal-Deklaratioun erkennt «d’fundamental Fräiheeten, Gerechtegkeet an Fridden ob der Welt» als «déi inhärent Dignitéit vun all Memberen vun der mënschlecher Famill» un.

MËNSCHERECHTER SINN:

UNIVERSAL - iwwerall uwendbar.

UNANTASTBAR - si kënnen dir net ewechgeholl ginn.

VUNENEEN OFHÄNGEG - all Mënsch versécheret d’Rechter vun deenen anere Persounen.

MËNSCHERECHTER ENTHALEN:

ZIVIL A POLITESCH RECHTER - Recht ze liewen, zur Fräiheet, fräier Meenungsäusserung an däi Privatlieue sinn e puer Beispiller.

WIRTSCHAFTLECH, SOZIAL A KULTURELL RECHTER - Recht op eng Sozialversécherung, Gesondheet a Bildung sinn nëmmen e puer Beispiller.

‘MËNSCHERECHTSBILDUNG (MRB) BESTEET AUS DIR A MIR AN EISER FÄHEGKEET D’RECHTER AN D’RESPONSABILITÉITE VUN ALL EENZELNEM UNZERKENNEN AN ZE, RESPEKTÉIEREN

MRB = D+M+R

MRB ASS ALSO...

IWWER MËNSCHERECHTER

Wat sinn eis Mënscherechter?
Wat bedeite se? Hëlleft eppes iwwert si ze **LÉIEREN** eist Liewen ze verännern?

MIR SI VLÄICHT ANESCHT MÄ
MIR SINN ALL GLÄICH.



DUERCH D’MËNSCHERECHTER

Léieren elleng geet net duer. **PRAXIS** ass besser. Probéier deelzehuelen, dech z’integréieren, demokratesch ze sinn a kuck wéi een Ënnerschied dat mécht.

FIR D’MËNSCHERECHTER

Et bréngt **VERANTWORTUNG** wa mir eis Mënscherechter an déi vun anere verdeedegen. Et ass do wou richtege Wandel stattfannen kann.



WAT ASS AMNESTY INTERNATIONAL ?

1961 huet de **PETER BENENSON** en Artikel gelies iwwert 2 portugisesch Studenten déi zu 7 Joer Prisong veruerteelt goufen, well si op d'Fräiheet geprost hunn – wat d'Regierung deemools hirer Populatioun verweigert hat. Als Affekot, war sech de Peter Benenson bewusst datt a ville Länner Mënschen am Prisong wieren, well si sech géint hir Regierung ausgeschwat hunn, an dat ganz oft ouni faire Prozess. Doropshin huet hien en Artikel mam Titel „Déi vergiesse Prisonéieren“ geschriwwen, wou hien d'Leit opgefuerdert huet sech him unzeschléissen fir d'Verletzung vu d'Mënscherechter iwwerall op der Welt ze denoncéieren. Hien huet doru gegleeft datt d'Stëmme vun de Leit Muecht hunn a si all zesummen d'Regierungen dozou brénge kënnen d'Mënscherechtsverletzungen zu engem Enn ze bréngen.

Dofir huet hien Amnesty International gegrënnt dat elo eng international Beweegung ass vu 7 Milliounen Leit, déi d'Visioun vun enger Welt deelen a verdeedegen, an där all Mënsch, egal wou e gebuer ass, egal zu wéi enger Relioun e gehéiert, ob räich oder aarm – vu senger Fräiheeten a Rechter déi an d'Universal-Deklariatioun vun de Mënscherechter festgehale sinn, genéisste kann.



WUOSST DU DAT?
1977 KRUT AMNESTY INTERNATIONAL DE FRIDDENSNobelPRÄIS FIR SENG ÉISCHT WELTWÄIT CAMPAGNE GÉINT FOLTER.

ANEKDOT

De Logo vun Amnesty International ass eng Käerz déi mat engem pickegen Drot ëmweckelt ass. E gouf duerch en aalt chinesesch Spréchwuert inspiréiert «Et ass besser eng Käerz unzefänken wéi d'Däischtert ze verfluchen». De Peter Benenson, de Grënner vun Amnesty International, hat sech erhofft dat d'Organisatioun Luucht an déi däischter Ecker bréngt, wou d'Verletzungen vu Mënscherechter onbestrooft bliewen.

FÄNK DENG KÄERZ DEN 10. DEZEMBER AN DER FENSTER UN

All Joers, um internationalen Dag vun de Mënscherechter den 10. Dezember, invitéiere mir Leit, déi sech fir déi Persoune wëllen asetzen där hir Rechter mat Féiss getrëppelt ginn, eng Käerz vun Amnesty ze kafen a se an der Fenster unzefänken. Mat dësem Geste, erënners du dech mat eis zesummen an dëse wichtege Datum a fänks esou eng Luucht un fir all déi Leit an der Däischtert vun de Mënscherechtsverletzungen sinn. Gläichzäiteg, erlaabt eis äre Kaf vun eise Käerzen Suen ze sammelen fir eis Missioun ze erfëllen a konkret an onofhängeg am Kampf fir Mënscherechter virzegoen.



GËFF AKTIV!

Amnesty proposéiert dir reegelméisseg dech fir eng oder méi Campagnen anzesetzen, fir souwuel déi ëffentlech Meenung ewéi och déi vun der Regierung vis-à-vis vu Mënscherechtsverletzungen ze sensibiliséieren. Déi Campagnë si laangfristeg ugesat a behandelen Themen déi méi Länner betreffen.

Fir dir ze hëllef dech iwuer déi proposéiert Thematiken ze informéieren, kanns du op Ufro pädagogesch Dossierer an och Material vun Amnesty kréien, déi dir hëllefeng Aktiounen ze maachen.

MAT DENGEM JONKE GRUPP, organiséiert dir eegen Aktiounen an der Schoul oder ausserhalb fir Mënschen a Gefor ze verdeedegen:

- ✓ Organiséiert e Stand mat Petitiounen während der Paus, schouleschen Evenementer asw.
- ✓ Macht symbolesch Fotosaktiounen a publizéiert se op de sozialen Netzwierker
- ✓ Realiséiert schockéierend Aktiounen: Flashmob, Manifestatiounen asw. filmt se an deelt se
- ✓ Organiséiert en Evenement an ärer Schoul, ewéi e Concert, en Theaterstück oder e Spektakel

MAACH BEIM MËNSCHERECHTSFESTIVAL MAT, Deen Event am Joer, deen Amnesty ëm den 10. Dezember organiséiert, deen s du net verpassen dierfs! **FILM PROJEKTIONEN, EXPOEN, KONFERENZEN, DEBATTEN, CONCERTEN AN DANZEN...** ganz vill Aktivitéiten déi dat Nätzlecht mam Agreabele verbanne gi proposéiert! De Festival hëlt Persounen ervir déi a Gefor sinn an encouragéieren d'Participanten sech fir si anzesetze mat der Aktioun „Write for Rights“. Dës Aktioun mobiliséiert Honnert Dausende vu Leit op der ganzer Welt e maximum Bréiwer ze schreiwe fir d'Liewe vun deene Mënschen a Gefor ze verbessern. Esou kommen innerhalb vun e puer Wochen, Milliounen vu Bréiwer, Faxen, E-Mailen, Tweets a SMSen zesummen déi un d'Autoritéite geschéckt ginn. Notz zesummen an all aner Méiglechkeet während dëser Period a motivéier deng Kollegen, Frënn a Proffe Bréiwer fir „WRITE4RIGHTS“ ze schreiwen.

GËFF CYBERACTIVIST andeems de un den online Mobilisatiounsaktiounen deelhëlls. Du kanns:

- ✓ Iwwer SMS agéieren
- ✓ Eng Petitioun online ënnerschreiwen
- ✓ Persounen a Gefor vun eisen «Actions Urgentes» verdeedegen op (<http://www.amnesty.lu>)
- ✓ Eis Posten op Facebook, Twitter, Instagram, etc. deelen
- ✓ Eisen Twitter Account verfollegen

... AN ET KLAPPT!

Dank den Aktivisten un deenen s du gehéiers, gi Persounen déi vun Amnesty ënnerstëtzt gi gerett, befräit oder gesinn eng Besserung vun hirer Situatioun. Aktiviste vun der ganzer Welt befreien oder retten Leit aus verschidde Länner. Hei zwee Beispiller:

PHYOE PHYOE AUNG ewéi och eng Dosen aner Studenten déi agespaart goufen, well si un enger studentescher Manifestatioun deelgeholl hunn, sinn am Abrëll am Myanmar fräikomm! E puer dausend Leit aus Lëtzebuerg a soss uechtert Welt hu Bréiwer geschriwwen fir d'Fräiiloosung vum Phyoe Phyoe Aung ze froen.



over 300

FRED BAUMA AN YVES MAKWAMBALA, zwee pro-demokratesch Aktivisten déi onberechtgerweis fir ee Joer agespaart gi sinn, sinn elo fräi! Zu Lëtzebuerg eleng, hu méi wei dausend Leit fir hir Fräiiloosung gekämpft.

NACH FROEN?

FIRWAT ENG PETITIOUN ËNNERSCHREIWEN ?

Eng Petitioun ass ee Wee wéi mir eis zesummen engagéiere kënnen, fir sécher ze goen, datt Mënscherechter respektéiert, geschützt a konkretiséiert ginn. Eng Ënnerschrëft eleng huet net vill Gewicht. Mee wann si bei Dausenden Anerer dobäikënn, kann se eppes bewierken. Dofir ass all eenzel vun hinnen esou wichteg. Zweifel net méi drun: du hues méi Kraaft wei s du denks.

DIERF ECH ENG PETITIOUN ËNNERSCHREIWE WANN ECH ËNNER 18 SINN?

Du hues e Recht op deng Meenungsfräiheet an esou och d'Recht eng Petitioun ze ënnerschreiw. Op kee Fall dierf s de awer vergëssen net egal wat ze ënnerschreiw: et muss een sech bewosst si firwat een sech asetzt.

ASS D'ARBECHT VUN AMNESTY EFFICACE?

D'Arbecht vun Amnesty dréit seng Friichten iwwerall an der Welt: Leit déi fir hir Meenung agespaart goufe si fräigeloo ginn, Doudesstrofe goufen zu Prisonsstrofen a Mënschen déi foltere si viru Gerichter komm. D'Regierung selwer loosse sech iwwerzeegen hir Gesetzer an hir Praxis ze änneren. Bal d'Halschent vun den «actions urgentes» fir Mënschen a Gefor féieren zu engem Erfolleg.

WEI GËTT AMNESTY SENG SUEN AUS?

Vun deene Suen déi vun Amnesty International Lëtzebuerg gesammelt ginn, ginn an der Moyenne 10% un dat internationaalt Sekretariat zu London; 33% si fir de Wuesstem reservéiert; 8% fir de Fonctionnement; 9% fir d'Mënscherechterzerziung a 40% fir eis Campagnen an Aktiounen.

LIESEN D'STAATSCHEFFE MENG BREIWER?

Wat een sech ëmmer verhalen muss ass datt all Bréif gelies kéint ginn. Dofir muss de uecht ginn op den Inhalt an d'Formuléierung vun dengem Breif. Formell bleiwen ass déi bescht Aart a Weis gelauschert ze ginn.

WOU KOMMEN D'SUE VUN AMNESTY HIER?

Amnesty iwwerlieft dank d'Cotisatiounen a d'Spende vu senge Memberen a Sympathisanten, an natierlech och duerch de Verkauf vu Käerzen. D'International Bewegung akzeptéiert keng Sue vu Regierungen, während d'lëtzebuergesch Sektiooun vu verschiddene Subventiounen vun der lëtzebuergescher Kooperatioun benefisséiert: dëst fir Projeten am Beräich vun der Mënscherechterzerziung, fir e Montant deen ongeféier 9% vun hirem Budget ausmécht.

WAT ASS D'KÄRZECAMPAGNE?

D'KÄRZECAMPAGNE huet eng staark Symbolik fir eis Bewegung an ass eng wichteg Akommesquell fir d'lëtzebuergesch Sektiooun. D'Käerz ass dat bekannte Symbol vun eiser Organisatioun, zënter de Peter Benenson d'Flam vun de Mënscherechter 1961 ugefaangen huet. Fir all Käerz déi dir verkaaft, drot dir zum Financement vum gréissten onofhängege Reseau vu Mënscherechtsverdedeger op der Welt bäi.

AN E PUER ZUELEN?

10%

op mannst vum Akommes vun Amnesty International Lëtzebuerg kënn vum der Käerzecampagne



1/3

vun den fräiwëllege Käerzeverkeefer sinn Enseignant a Schüler

Des Campagne erlaabt eis:




- d'Aktiounen vun Amnesty ze finanzéieren
- e Maximum vun eise Matbierger ze sensibiliséieren
- Eis Missioun vu Mënscherechterzerziung bei de Jonken ze verfolge
- D'Fuerscher vun eiser Bewegung ze finanzéieren, déi um Terrain Ënnersichungen iwwer Mënscherechtsverletzungen duerchféieren.



250  = 

250 grouss Käerzen = 1 Basisequipement fir e Fuerscher vun Amnesty International a Syrien

KUERZ GESOT, Amnesty International ass eng Bewegung vu Weltbierger déi finanziert selwer:

-  hir Fuerscher fir onofhängeg Enquëten iwwer d'Situatioun vu Mënscherechter ze féieren
-  hir Experten déi d'Mënscherechtsverletzungen an onparteiisch Rapporten denoncieren
-  an schlussendlech, hir Aktiounen déi d'concernéiert Autoritéiten opruffen d'Mënscherechtsverletzungen ze behiwen a se opfuere hir international Obligatiounen ze respektieren.

KONTAKTER

Eise Mënscherechtsbildung-Departement
ass do fir dech ze beroden an dir ze hëllefen
däi jonke Grupp ze schaffen. Zéck also net
Kontakt mat eis opzehuelen.

SECH INFORMÉIEREN AN
AKTIV GINN



www.amnesty.lu

EIS KONTAKTÉIEREN



jugend@amnesty.lu



+352 24873142

EIS VERFOLLEGEN



[facebook.com/
amnestyluxembourg](https://facebook.com/amnestyluxembourg)



[instagram.com/amnesty_
luxembourg](https://instagram.com/amnesty_luxembourg)



twitter.com/amnestylux



youtube.com/AmnestyLux

MEMBER GINN



[www.amnesty.lu/mobilisez-
vous/devenez-membre](https://www.amnesty.lu/mobilisez-vous/devenez-membre)



AMNESTY
INTERNATIONAL

